Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945

Association sans but lucratif

Sous le Haut Patronnage de S. A. R. Monseigneur le Prince de Luxembourg

Organisation-Membre de la Fédération Mondiale des Anciens Combattants

Compte Chèques Postaux 286.33

Ligue Luxembourgeoise des Mutilés
et Invalides de Guerre 1940-1945
Résidence Jean-Charles
6, rue du Cimetière / LUXEMBOURG

Adresse :
~~Case Postale No 332~~
Luxembourg-Ville


Letzeburg, den

Matt desem Opruff trieden mir un all Letzeburger erun, de' durch Krichsverwondong oder -krankhét Schued un hirem Kierper oder Gesondhét gelidden hun, fir bei der Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 194o-1945 Member ze ginn.

Des Organisatio'n de' 1955 gegrönnt ginn ass, zielt an hiren Reihen me' ewe' 1'4oo Membren, de' am K.Z., Deportatio'n, Prisong, allie'ert Arme'en, Zwangsrekrute'erong, Krichsgefängenschâft, Rundstedtoffensiv an durch Bommen geschiedegt ginn sinn, an de' all, oni Oennerschéd, demselwegten Gesetz önnerleien, an zwar dem Kriegschiedengesetz vum 25.o2.195o modifize'ert durch d'Gesetz vum 25.o2.1967.

Am Lâf vun dénen leschten 16 Jo'er huet d'LLMIG all de' Furderongen bei dénen kompetenten Autoritéten virgedroen, de' seit dem leschten Krich an der Fro vun der Entschiedigong formule'ert gofen. Wann Verbesserongen (we' z.B. am Gesetz vum 25.o2.67) an der Fro vum Kirperschued realise'ert ginn sinn, dann nömmen durch d' Arbecht vum LLMIG-Comité an de' gross Zuel vun Membren, der derhannert stongen. Vun desen Verbesserongen huet Dir och profite'ert an eis 8oo Gröndongsmembren vun 1955 hun dobei gehollef, datt et haut, och fir Iech, vill anescht an besser ass, we' et wâr.

D'Zesummensto'en vun all dénen, de' durch Krich Schued un hirem Kirper an hirer Gesondhét gelidden hun, ass och haut nach eng Notwendegkét. An dénen nächsten Jo'eren trieden me' komplize'ert Fro'en op, we' z.B. d'frézeiteg Pensionne'rong, onerwarten Do't, d'Surg fir d'Fraen an d'Kanner vun dénen, de' ewegfâlen a.s.w.. Dorausser follegt, datt et eng Notwendegkét ass fir all de' Interesse'ert an enger Organisatio'n ze erfâssen, de' sech schons seit lângen Jo'eren matt der Fro vum Kirperschued durch Krichsawirkong befâsst - an zwar nöt oni Succès.

Mengt ower nöt d'LLMIG misst héschen go'en fir Membren ze kre'en oder si wär an finanzieller No't. Au contraire, d'Uschâffongskäschten vun engem Appartement matt engem Bureau an engem Gro'ssen Réunionssall sinn voll gedeckt an den Ausbau vun engem Service, wo' all ons Membren sech Renseignementer huelen können, ass virgesinn. - Nén, öm d'Mönz gét et nöt, mais et könnt emol sinn, datt och Dir, we' Honnerten vun âneren, eng Ke'er en Gudden Rôt gebrauchen könnt. Dir wösst jo datt 1965 en Vertrieder vun der LLMIG ant d'Rentenkommissio'n beruff ginn ass.

Wann Dir awer eleng Iech hellefen könnt an eiser nöt braucht fir Aer Affairen, dann beweist Solidarite't an schlesst Iech awer un, fir datt mir och âner Komeroden besser önnerstötzen können. Denkt dobei un de', de' sech nöt eso gudd eröm fannen an de' dacks me' schlecht drun sinn ewe' Dir.

Schlésst Iech an Aerem égenen Intérêt dér Organisatio'n un de' Iech an engem Informatio'nsbulletin op dem Lâfenden vun allen Problemer hält.

Am Numm vum Comité vun der
LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILES ET INVALIDES DE GUERRE 40-45

Léon Renard
(secrétaire)

René Mantz
(président)